PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 07/08/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Landwirtschaft weiderzeleeden.

An hirem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verflicht fir d'Iessensverschwendung ze verréngeren. Wéi een um Landwirtschaftsportal liest, goufen Enn 2022 am Duerchschnëtt 88,5kg Liewensmëttel pro Stot ewechgehäit. Dës wieren, laut Portal, zu 21% vermeidbar gewiescht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héisch war d'Liewensmëttelverschwendung 2018 (an kg pro Kapp)?
2. Wéi héisch ass d'Liewensmëttelverschwendung haut (an kg pro Kapp)?
3. Wéi vill ass d'Liewensmëttelverschwendung bis elo erofgaangen (an % an an absolutten Zuelen)?
4. Wéi vill Prozent vun den Iessensoffäll ginn a Bio-Gas-Anlage verschafft?
5. Wéi vill Prozent vun den Iessensreschter zu Lëtzebuerg goufe vu Stéit produzéiert? Wéi vill vun aneren Acteuren (Eenzelhandel, Restauratioun)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten